ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Juni 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Viru ronn zwee Joer goufen um Stauséi zu Esch-Sauer iwwer 300 Bootsankeren ubruecht, fir déi eenzel Booter um Ufer festmaachen ze kënnen. Elo muss een awer feststellen, dat vill Booter op dëse Platzen net festgemaach ginn.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch:

1. Ass et Flicht, déi eenzel Booter un den offizielle Bootsankere festzemaachen?
2. Wa jo: Wat ass virgesinn, fir dat dës Ankere vun de Bootsbesëtzer och genotzt ginn?
3. Wa neen: Wat sinn d'Grënn, firwat vun dësen Ankeren da kee Gebrauch gemaach gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742